N°2730
Entrée le 29.08.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Gemeinsam Äntwert vum Inneminister, Léon Gloden, vum Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus, Lex Delles, a vun der Delegéiert Ministesch beim Premierminister fir Medien a Connectivitéit, Elisabeth Margue, op d'parlamentaresch Fro n°2730 vum 5. August 2025 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen zum Sujet "Numéros alternatifs pour les appels de secours".**

**Fro 1**

Den honorabelen Deputéierte stellt sech d'Fro ob d'Regierung dofir wäert suergen, dass alternativ Nummere bei alle lëtzebuergesche Providere reservéiert ginn, fir z'erlaben, dass d'Noutruffnummeren 112 an 113 ëmmer erreechbar sinn.

Wéi an den Äntwerten op d'parlamentaresch Froen 2652 an 2659 vum 31. Juli erkläert, waren d'Noutriff 112 an 113 wärend dem Incident vum 23. Juli zu all Moment operationell. Aleng d'Cliente vum POST-Reseau konnte keng Appellen duerchféieren.

Déi zoustänneg Autoritéite sinn amgaang u Léisungen ze schaffen, fir esou problematesche Situatiounen entgéint ze wierken. Et ass de Moment nach ze fréi, fir konkret Informatiounen heiriwwer ze ginn.

Lëtzebuerg, den 29. August 2025.
Den Inneminister,
(s.) Léon Gloden